## D'Kandidate vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP
## Kategorie A - Lëscht 5



GUIRSCH Mona
ép. HEYART

Professeur de lettres à l'Athénée,
Attachée à la Direction,
Déléguée à la Formation des Adultes,
Formatrice à l'IFEN,
Secrétaire générale et Trésorière
de la FÉDUSE/Enseignement-CGFP,
Membre du Comité fédéral de la CGFP,
Assesseur à la Chambre
des Fonctionnaires et Employés Publics



SCHOLTES Raoul

Candidat-Professeur de Sciences
au Lycée Classique d'Echternach,
Président
de la FÉDUSE/Enseignement-CGFP,
Membre du Comité fédéral de la CGFP,
Président
de la CNES ESG Sciences naturelles,
Membre du Conseil Supérieur
de l'Éducation nationale



KOHNEN Gilles

Professeur au Lycée des Arts et Métiers,
Membre du bureau de la CNES-Chimie de l'ESG,
Formateur à l'IFEN,
Membre du Comité
de la FÉDUSE/Enseignement-CGFP



BINNA Lynn

Formatrice d'adultes à l'Ecole nationale
pour adultes (Promotion 2016),
Membre du Comité
de la FÉDUSE/Enseignement-CGFP

**D'Walziedele musse bis den 31. Mäerz erëm zréck am Walbüro sinn.**
**Duerfir schéckt Äre Vote fréi genuch fort!**

**Duerch all Är Stëmmen:Staark fir d'Enseignanten!**

FÉDUSE Enseignement CGFP

# LËSCHT 5

## Resultater 2015-2020

*All Dag si mir mat Rot an Dot fir eis Memberen do, fir all grouss a kleng Uleies ronderëm* ***d'Aarbechtskonditiounen, d'Tâche an d'Karriär****.*

*Wärend de leschte 5 Joer hu mir eis ëmmer nees mat de verschiddenste Verwaltungen a mat de politeschen Decideuren ugeluecht, am* ***Interêt vun eise Memberen.*** *Dëst war souwuel de Fall an dacks haarde Verhandlungen, ewéi och bei der Formulatioun vu fondéierten Avisen zu Projete vu Gesetzer a Reglementer.*

*Mir si permanent engagéiert fir e* ***staarkt Fonctionnariat*** *a fir eng* ***héichwäerteg ëffentlech Schoul*** *fir jiddereen.*

***Doduerch hu mir an de leschte 5 Joër Folgendes erreecht:***

- ✓ Regulariséierung vun de Candidats-professeurs sursitaires
- ✓ Ëmsetzung vum Zäitspuerkont (CET) am Enseignement secondaire
- ✓ Op Äis Leeë vun de Bewäertungsgespréicher
- ✓ Erhale vun den Altersdechargen
- ✓ Keng Basiskoeffizienter méi ënner 1
- ✓ Majoratioun vum Koeffizient ëm 0,15 bei interner Differenzéierung am Cycle inférieur vum ESG
- ✓ Koeffizienter och fir Konschtprofesseren am Cycle inférieur

- ✓ Zougestoe vun engem Poste à responsabilité un all Conseiller didactique (CODI)
- ✓ Integral Unerkennung vun de Journées pédagogiques als FoCo, och bei Interferenz mam Stonneplang
- ✓ Optiméierung vun der Prozedur fir d'Erstelle vun Examens-questionnairen am Oral an am Ecrit
- ✓ Keng finanziell Benodeelegung méi fir d'Employéen am Secondaire par rapport zu deenen an der Administratioun
- ✓ Ausbezuele vun der Majoration d'échelon och fir Candidats-professeurs sursitaires mat Poste à responsabilité particulière
- ✓ Indemnisatioun fir den Accompagnateur vun engem Ex-Stagiaire wärend senger Année d'approfondissement
- ✓ Aféiere vun engem Stage och fir d'Employéen am Secondaire an an der Formation des Adultes
- ✓ Decharge fir d'Personne de référence (Tuteur) vun engem Employé am Stage

*Zesumme mat eisem Dachverband, der **CGFP**, konnte mir och allgemeng Verbesserunge fir de Staatsdéngscht erreechen:*

- ✓ Aféiere vum Zäitspuerkont (CET)
- ✓ Ofschafe vun der ongerechter 80/80/90 - Reegel
- ✓ Erhéijung vum Punktwäert ëm 1,5 %
- ✓ Erhéije vum Iessensgeld vun 110 op 204 Euro
- ✓ Flexibiliséierung vun der Deelzäitaarbecht
- ✓ Erhéijung vun der Allocation familiale op 29 Punkten, fir béid Elterendeeler
- ✓ Méi Unerkennung vun der Beruffserfarung beim Wiessel aus dem Privé bei de Staat
- ✓ Aféierung vun der Retraite progressive ab 57 Joer

## Aktuell Dossieren a Fuerderungen

- Revalorisatioun vun der Karriär vum Professer E7
- Fair Bezuelung vun den Iwwerstonnen
- Kritesch Evaluatioun vun der rezenter Reform vum Stage op d'Qualitéit vum Enseignement secondaire
- Fair an transparent Mutatiounsprozedur
- Fair an eenheetlech Aarbechtskonditiounen (Tâche, Formation continue, Koeffizienter, Berechnung vun der Anciennetéit), och fir d'Professeren an d'Formateurs d'adultes a « Spezialgebaier »
- Dringend noutwendeg Verbesserungen am Cycle inférieur vum ESG (Promotiouns- an Orientatiounskritären, reduzéiert Maximaleffektive vun de Klassen)
- Valorisatioun vum Travail de candidature
- Besetze vun de Lycée-Direktiounen och weiderhi just mat fonktionnariséierten Enseignanten aus dem ES
- Ofschafe vun der Reduktioun vu 25 % op allen Indemnitéiten
- Fair Indemnisatioune fir d'Aarbecht am Kader vu Commissiounen a fir Expertisen
- Keen Ausbremse vun der Karriär (ab Echelon 14 fir de Professer E7) bei regulär geleeschter FoCo
- Sënnvoll Reform vun der Prozedur bezüglech der Vergab vun Aménagements raisonnables
- Mindestens 1 Vollzäit-Infirmier/Infirmière fir all Lycée
- Reduktioun vun der maximaler Klassegréisst bei Betreiung vu Schüler am Inklusiounskontext
- Weider Verbesserungen an der Formation professionnelle

**Hëlleft eis dëst fir Iech z'erkämpfen!**

**Är Stëmme fir d'Lëscht 5**